



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

den 13/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Um Gemengniveau ass et wichteg, dass d'Oppositionspolitiker all politeschen Dossier analyséieren an och a Fro stelle kënnen, fir hirer Kontrollfunctioun am Gemengerot gerecht ze ginn. Fir hier Aarbecht am Kader vun hirem Mandat richteg maachen ze kënnen, brauchen och d'Politiker um Gemengniveau – ob a Proporzgemengen oder a Majorzgemengen – Méiglechkeeten, d'Majoritéit an de Schännerot a Buergermeeschter/in ze kontrolléieren. Dës Méiglechkeeten beinhalten souwuehl Accès zu Informatiounen, also Transparenz, an awer och Material, sierf et ee Konferenzraum, ee Laptop, etc.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Däerfe Gemengeconseillere d'Gebaikeete vun enger Gemeng (zum Beispill ee Konferenzraum) am Kader vun hirem Mandat benotzen, fir zum Beispill Bierger aus der Gemeng ze empfänken?
 - Falls jo, wéi gëtt séchergestallt, datt all Gemengeconseiller an enger Gemeng op dës Servicer kann zeréckgräifen?
 - Falls nee, firwat net a riskéiert een doduerch net, Majoritéiten an enger Gemeng ee méi staarkt Gewiicht ze ginn?

2. D'Gemengegesetz gesäit a sengem Artikel 51 vir:

"Sauf disposition légale contraire, les réunions du collège des bourgmestre et échevins ont lieu à huis clos."

- Deelt d'Madamm Ministesch d'Meenung, dass dës Dispositioun eng ontransparent Politik férdert?
 - Missten d'Rapporte vun de Schännerotsëtzungen aus Transparenzgrënn net och öffentlech gemaach ginn?
 - Misst net och de Public anonymiséiert Rapporten vun de Sëtzunge virgeluecht kréien?
3. Ass d'Ministesch der Meenung, dass ee Gemengerot senger Kontrollfunctioun besser



www.piraten.lu

nokomme kéint, wann e wéisst, wéini d'Schäfferotsëtzunge stattfannen a wat an hinne beschwat gëtt?

4. Wéi wäit ass d'Ministesch bereet ze goen, fir de Fonctionnement an de Gemengen méi transparent ze maachen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

